

# Road to CGDIS



## Léif Membere vun de Rettungsdéngschter,

Ab dëser Ausgab vum „Lëtzebuenger Pompjee“ wäert et och ëmmer eng Rubrik vun der Verwaltung vun de Rettungsdéngschter ginn, wou mir lech aktuell Informatiounen matdeelen.

Am Kader vum Opbau vum CGDIS si mir frou lech iwwert dës Wee um Lafenden halen ze kënnen an dofir gëtt ab dëser Ausgab de „Lëtzebuenger Pompjee“ och un all d'Membere vun de Services de Secours verdeelt.

Wann Dir eis wëllt e Feed-Back ginn oder e Wonsch huet wat an eng vun den nächsten Ausgabe soll kommen da mellt lech wann ech glift ënner: [communication@secours.etat.lu](mailto:communication@secours.etat.lu)

Weider interessant Informatiounen iwwer d'Rettungsdéngschter hei zu Lëtzebuerg fannt Dir ënner anerem och ënner:



[@servicesdesecours](https://www.facebook.com/servicesdesecours)



[@cgdislux](https://www.instagram.com/cgdislux)



[@CGDISlux](https://twitter.com/CGDISlux)

*Äer Verwaltung vun de Rettungsdéngschter*

## D'Gesetz vum CGDIS ass e Bekenntnis zum Volontariat !



D'Erwaardungen dobaussen un eis all si grouss.

Dagdeeglech ginn eis Servicer, op Ambulanz, Pompjeeën oder eng Spezialunitéit vum Bierger gebraucht. Do kënn et drop un, datt mer, éischtens, disponibel si fir deem Appell entgéint ze kommen, an dono, um Asaz d'Situatioun meeschteren.

Dat ass eis Pflicht vis-à-vis vum Bierger an et ass an et bleift och an Zukunft d'Haaptmissioun vun all de Servicer vum CGDIS.

D'Politik muss dofir suergen deem Optrag gerecht ze ginn an alles denkbar Méiglechtes ze maachen, datt Dir, an domat mengen ech all eis zukünfteg fräiwëlleg a berufflech Pompjeeën am CGDIS, ënnert beschtméiglechste Konditiounen drop virbereet sidd.

Fir mech als Äre Minister ass et kloer, datt neit Material, adequat Infrastrukturen, gutt Aarbechtsgezai, wichteg sinn, mee eng zolidd Ausbildung, déi um leschte Stand vun neie wëssenschaftlechen Erkenntneser ass, och muss Standard sinn.

Mam Schafe vum INFS, dem Institut national de formation des secours, ass eng ideal Viraussetzung gesat fir eis beschtméiglechste opzestellen a gëtt mat all senge Méiglechkeeten den Dréi- an Angelpunkt vun der Ausbildung. Mir mussen et awer och fäerdeg bréngen bis an dee klengste CIS (Centre d'incendie et de secours) am Land vernetzt ze sinn, fir och do op déi vill Instrukteren a Jugendmoniteure kënnen weiderhin ze zielen.

Mir hunn e grouse Reseau vu Leit déi haut an der Ausbildung matschaffen, op fräiwëlleg oder berufflech, op an den Zentren, Corpsen, zu Feelen, zu Schëmpech, op der Areler Strooss oder am Ragtal. Awer och déi gutt Kooperatiounen mat eisen Nopeschlänner musse weider ausgebaut ginn.

Dëse Reseau brauche mer och an Zukunft an dofir wäert den INFS déi Koordinatiounsroll iwwehuele fir déi Partnerschaften ze verstärken.

Ech weess, datt vill Leit vun lech sech och net scheie reegelméisseg am Ausland u

Formatiounen oder Symposien deelzehuelen, oder sech esouguer op nationalen an internationale Concourse moossen.

Dat muss och an Zukunft méiglech sinn an dat wëll ech och konsequent ënnerstëtzen.

Ech si mer absolut bewosst, datt d'Ufuerderunge punkto Formatioun net wäerte manner ginn an datt et fir vill Fräiwëlleger bedeit sech nach méi Contrainenten opzelueden.

Dofir ass et mer wichteg déi beschtméiglechste Rahmebedingungen ze schafen, datt jiddereen deen dat wëll op sech huelen, och dofir d'Méiglechkeete kritt.

Wann een d'Zuelen iwweh d'Bedeelegung un de Course kuckt, gesäit een awer, datt d'Bereitschaft an de Wëllen immens grouss si fir Formatiounen ze maachen. Besonnesch och an deenen neien Elementer, ewéi zum Beispill ronderëm d'Chaîne de commandement, ass den Undrang grouss.

Och wann d'Eropsetze vum Congé sapeur just zum Deel kann dozou bäidroen, setzen ech awer ganz vill op eng flexibel an trotzdeem zilstreebeg Organisatioun vum INFS, fir grad do dem Fräiwëllegen esou no wéi méiglech ze begéinen.

D'Gesetz iwweh de CGDIS ass e Bekenntnis zum Volontariat, an ouni elo alles opzezielen, wësst Dir, datt et eng ganz Rei vu Moosname mat sech bréngt fir dat z'ënnermauern.

Et ka keng Reform vun de Rettungsdéngschter gi wann déi Leit déi haut d'Réckgrad duerstellen, einfach géinge lénks leie gelooss ginn!

Ech profitéieren och gär vun dëser Geleeënheet fir lech all an äre Famille schéi Feierdeeg ze wënschen an datt der vun all Asaz gesond a monter zeréck kommt.

OUNI lech wär Lëtzebuerg en aarmt Land, an dofir bezeien ech lech, an och am Numm vun der ganzer Regierung, mäin déifste Respekt.

Dan Kersch, Inneminister



# De CGDIS brauch lech alleguer

**D**'Verwaltung vun de Rettungsdéngschter schafft am Moment mat Héichdruck un der Virbereedung vun der Mise en place vum Corps grand-ducal d'incendie et de secours, dem CGDIS. Et ass verständlech, datt Dir, d'Membere vun de Pompjeescorpsen an Unitéite vun der Protection civile, lech vill Froe stellt, wéi et weidergeet wann de CGDIS da mol bis do ass.

Eent sief emol direkt viraus geschéckt: De CGDIS brauch jiddere vum lech a mir zielen op lech, datt Dir mat dozou bäidrot, datt de CGDIS en Erfolleg gëtt, wou eis Matbierger zu all Zäit an enger Noutsituatioun schnell a kompetent Hëllef kréien a wou Dir all houfreg kënn sinn, een Deel vun dem neie Corps grand-ducal ze sinn.

## De Projet d'établissement vum CGDIS

Fir de CGDIS opzebauen, hu mir an der Direktioun vun der ASS e sougenannte "Projet d'établissement" erstellt, deen d'Konzept beschreift wéi de CGDIS spéider fonctionnéiere soll a wéi eng Etappe musse realiséiert gi fir de CGDIS opzebauen.

Dëst Konzept gesäit eng "Gestion par objectifs" vir, wou fir all hierarchesch Niveauen Ziler definéiert ginn, wou deejäinegen, deen dat Objektiv erfëlle muss, innerhalb vun engem definéierte Kader eng gewëssen Autonomie huet, fir dat Zil ze erreechen.

Sou ass et un der Politik an um Verwaltungsrot vum CGDIS fir festzeleeën, wéi eng Ufuerderungen un eis Lëtzebuurger Rettungsdéngschter gestallt ginn (z.B. wéi eng Hëllef soll wéi schnell op der Plaz sinn).

Um Comité directeur vum CGDIS ass et da fir d'Strategie festzeleeën wéi déi vun der Politik gesaten Ziler ze erreeche sinn a wat d'Aufgabe vun all Direktioun vum CGDIS si fir d'Erreeche vun den Objektiv ze erméiglechen.

Déi véier Chefs de zone iwwerhuelen eng Koordinatiounsaufgab fir sécherzestellen, datt d'Strategie vun der Direktioun an all de Zonen ëmgesat ka ginn a mellen der Direktioun wann et bei der Ëmsetzung um Terrain zu Problemer kënn, fir datt d'Direktioun Upassunge virhuele kann.

Un den eenzelen Zentren a Gruppen ass et da fir déi noutwendeg Moossnamen ze huele fir d'Objektiv um Terrain ëmzesetzen.

D'Ëmsetzung vun den Objektiv soll ëmmer vu véier grouse Prinzipie geleet ginn: Autonomie, Subsidiaritéit, Flexibilitéit an Evaluatioun.

**Autonomie** : De CGDIS gëtt Objektiv vir, an all eenzelen Acteur huet en Handlungsspillraum, wéi hien d'Objektiv erreeche kann. Am Beräich vun der Formation continue muss z.B. all Zenter dofir suergen, datt seng Memberen dat Wëssen dat si sech an de verschidene Formatiounen am Institut de formation ugëeegent hunn, och am Asaz uwendé kënnen. Et ass dann um Zenter fir seng Übungen ze organiséieren, op spezifesch Besoine vu senge Memberen anzegoen, an dofir ze suergen, datt d'Leit mat dem Material wat am Zenter zur Verfügung steet, ëmgoë kënnen. Den Zenter kritt dobäi Ënnerstëtzung vun Instrukteren aus senger Zon oder sengem Gruppement an d'Institut stellt och déi noutwendeg Léierënnerlagen a Methoden zur Verfügung fir dat iwwerall am Land dat Nämmlecht geléiert gëtt.

**Subsidiaritéit** : Aufgabe solle vun deem Niveau iwwerhol ginn, deen dofir am Beschte gëeegent ass, respektiv fir déi jeeeweileg Aufgab am effizientsten ass. Ëmgedréit soll awer all Niveau deenen aneren zur Verfügung stoe fir ze hëllefen en Zil ze erreechen. Gutt illustréiere kann een dee Prinzip um Beispill vun der Preventioun. D'Aarbecht vun der Preventioun gëtt am Beschte lokal gemaach, no um Terrain, do wou de Projet soll realiséiert ginn, am Zesummesspill mam Promoteur an de concernéierte Verwaltungen, besonnesch de Gemengen. Wann am zoustännegen Zenter eng Persoun zur Verfügung steet, déi des Aarbecht ka maachen, da soll se och um Niveau vum Zenter gemaach ginn. Steet do awer keen zur Verfügung, ka sech den Zenterchef oder d'Gemeng un den zoustännegen Service um Niveau vun der Zone de secours wende fir gehollef ze kréien. D'Direction de la stratégie opérationnelle ass sengersäits dofir zoustänneg, national eenheetlech Reegelen auszeschaffen, déi de Leit um Terrain zur Verfügung stinn.

**Flexibilitéit** : De CGDIS soll esou organiséiert sinn, fir datt e sech flexibel op nei Erausforderungen oder besonnesch Gegebenheeten adaptéiere kann. Dëse Prinzip kann ee ganz gutt um Beispill vun der Disponibilitéit beschreiwen. De CGDIS muss dofir suergen, datt verschidden Asazmëttel disponibel si fir an den Asaz ze komme wann eppes geschitt ass (z.B. d'Ambulanzen). Fir dat Objektiv um Terrain ëmzesetzen, muss den Zenterchef dofir suergen, datt déi Leit, déi zur Verfügung sti fir d'Ambulanz ze besetzen, beschtméiglechst um Déngschtplang agesat kënnen ginn. Elo sinn





d'Unzuel an d'Zäiten, wou déi Fräiwëlleg Déngscht kënnen maachen, vun Zenter zu Zenter verschidden. Och variéieren d'Unzuel an d'Zäite vun haaptberuffleche Mataarbechter déi an engem Zenter zur Verfügung stinn. Fir all dëse Constraintë gerecht kënnen ze ginn, brauche mir ganz flexibel Méiglechkeete wéi den Zenterchef eng Déngschtléscht zesummestelle kann. Dofir schafft den Informatik-Service vun der ASS am Moment ganz intensiv um sougenannte "Portal CGDIS", deen den aktuellen Intranet vun der ASS soll ofléisen. De Portal CGDIS wäert da ganz nei Weeër bidde wou déi Fräiwëlleg sech no hire Méiglechkeeten disponibel melle kënnen, an den Zenterchef et vill méi liicht wäert kréie fir seng Asazwee kënnen ze besetzen. Déi onflexibel Permanencëléschten aus dem aktuellen Intranet wäerten dann der Vergaangenheet ugehéieren.


**Evaluatioun :** D'Autonomie, d'Subsidiaritéit an d'Flexibilitéit hunn natierlech och eng Contrepartie, an déi heescht Evaluatioun. De CGDIS wäert sech Moyene gi fir ze evaluéieren an ze iwwerpräieren, op déi gesaten Ziler och erreecht konnte ginn, a wann net, fir erauszefanne wat muss geännert ginn. Sou wäert de CGDIS z.B. e performanten Outil kréien, fir op Grond vun den Donnéeën aus dem ELS, dem Portal CGDIS an aus den Asazberichter Statistiken ze erstellen, fir auszwäerten, wéi e.a. d'Disponibilitéit an d'Asazäite vun de verschiddenen Asazmëttel ausgessinn, fir bei Bedarf déi noutwendeg Moosnamen ze huele falls Verbesserung mussen virgeholl ginn.

Eng aner Contrepartie vun der "Gestion par objectifs" ass natierlech och d'Responsabilitéit vu jidder eenzele Verantwortlechen, vum Generaldirekter bis zum Zenter- oder Gruppechef, fir dozou bäizetroen déi fixéiert Objektivier ze errechen. Et geet also net duer, sech als "Konsument" vum CGDIS ze gesi wou een drop waart, dass all Problem vun uewe geregelt gëtt, mee et muss een als Acteur vum CGDIS och zu sengem Geléng baidroen.

### D'Transitioun vun de Fräiwëllegen an de CGDIS


Den Inneminister huet senge Beamten, déi un der Reform vun de Rettungsdéngschter schaffen, e kloren Opdrag ginn: Dofir ze sueren, dass all déi Fräiwëlleg, déi haut bei de Services de secours aktiv sinn, och muer hir Plaz am CGDIS hunn.

De Projet de loi n°6861 iwwer d'Creatioun vum CGDIS gesäit dofir och d'Méiglechkeet vir, dass de Verwaltungsrot vum CGDIS deene Leit, déi haut eng Fonctioun bei de Rettungsdéngschter hunn, eng Nominatioun ka ginn.




Konkret heescht dat, dass déi aktuell Kommandanten, Zenter-oder Gruppecheffen, resp. hir Adjointen eng Nominatioun als Chef CIS oder Chef CIS adjoint oni aner Konditioune kënnen kréien. Dat

Nämmlecht gëllt fir d'Instrukteren, déi an de leschte Méint och scho ganz vill Weiterbildunge gemaach hu fir sech op de CGDIS virzubereeden. Verschidden Härtefäll (z.B. do wou den Zenterchef vun der Protex an de Kommandant vum Pompjeescorps net déi nämmlecht Persoun ass), mussen vu Fall zu Fall gekuckt ginn, an individuell Léisunge fonnt ginn.



D'Membere vun de Pompjeescorpsen a vun den Unitéite vun der Protection civile, déi e gültege Médico hunn, an d'Konditioune vun de Reglementer vun 2010 erfüllen, wäerten och automatesch eng Nominatioun als Equipier oder Chef de binôme kënnen kréien.

Déijéineg Memberen, déi dës Konditioune net erfüllen, kënnen entweder eng provisoersch Nominatioun als Equipier "faisant fonction" kréie fir sech déi entspreichend Formatioune iwwer d'Validation des acquis de l'expérience unerkennen ze loosser, respektiv nozehuelen, oder si kënnen ufroen, fir als esougenannt "Pompier de soutien" weider matzeschaffen. De "Pompier de soutien" kann am CGDIS verschidden Ennerstëtzungsaarbechten am Beréich vun der Logistik, Technik oder Administratioun iwwerhuelen.



Wat d'Positioune vun der Chaîne de commandement ugeet (Chef d'agrès, Chef de section, Chef de peloton,...), wäert de Verwaltungsrot Leit provisoersch fir 2 Joer "faisant fonction" ernenne fir hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, déi entspreichend Formatioune unerkennen ze loosser (z.B. Initiatioun a Perfectionnement à la Chaîne de commandement, XVR) oder nozehuelen.

Paul Schroeder  
Direkter vun der Verwaltung  
vun de Rettungsdéngschter

# Mot des responsables de certains départements

## Le Département de la Formation



### Missions :

Les collaborateurs du Département de la Formation de l'ASS sont actuellement en train de préparer la mise en place du futur « Institut National de Formation des Secours » (INFS) regroupant l'ensemble des acteurs volontaires et professionnels de la formation des services de secours. Ce travail préparatoire est réalisé en collaboration avec les instructeurs en chef, les instructeurs en chef adjoints (Incendie-Sauvetage-Secourisme) ainsi que l'ENSIS et la Fédération Nationale des Corps des Sapeurs-Pompiers en respect du projet de loi 6861 portant organisation de la sécurité civile et création d'un Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS).

### Travaux en cours :

Les travaux actuels se concentrent sur la définition des différents emplois. Un emploi est défini comme un rôle qui peut être occupé par un pompier, par exemple l'emploi du chef de section ou l'emploi de l'équipier secours à personnes. L'élaboration des référentiels des emplois, des activités et des compétences (REAC) tels que décrits dans le projet de loi est en cours. Les REAC constituent la base et renseignent notamment sur les activités et tâches à réaliser par le pompier (terme générique utilisé par le projet de loi et regroupant l'ensemble des volontaires et professionnels des services de secours). Ces REAC, en phase d'élaboration, sont des référentiels de formation qui définiront les formations nécessaires pour tenir un emploi. Ces mêmes référentiels définiront également les contenus des différentes formations ainsi que les conditions d'accès, de contrôle des savoirs, de volumes horaires, voir les dispositions transitoires en respectant les formations acquises dans le passé.

Actuellement les formations suivantes sont prêtes sous forme de projet. Nous attendons cependant l'entrée en vigueur de la loi et la mise en place du Conseil d'Administration du CGDIS afin que ce dernier les valide définitivement:

- Cours de base en matière de secourisme (1. Hëllef)
- CIC (Cours d'Initiation Commun)
- FIS 1 – 3 (Formation Incendie-Sauvetage)

- COM 1 – 3 (Commandement)
- SAP 1 – 2 (Secours à Personnes) SAP 3 en cours de préparation
- IFIS/ISAP (Formation pour les Instructeurs FIS et SAP à différents niveaux)

### Prochaines démarches :

A partir du 15 décembre 2017, 50 agents professionnels supplémentaires débuteront leur formation de base. Un premier groupe suivra la formation SAP au CIS Junglinster alors que le deuxième suivra la formation FIS au CIS Luxembourg. Cette formation sera organisée par l'ASS en collaboration avec le Service Incendie et Ambulance de la Ville de Luxembourg.

L'élaboration des modules spécifiques tels que machiniste DLK/TMF, équipier CMIC, lutte contre les incendies dans les tunnels autoroutiers sera également entamée tout comme le volet REAC et référentiels de formations concernant les groupes spécialisés.

Tout ceci en continuant à garantir le « Daily Business », en d'autres termes les formations proposées dans le catalogue des formations ainsi que les formations continues dans les différents CIS.

Quel sera l'impact des nouvelles formations par rapport aux personnes ayant suivi les formations selon les anciens règlements ?

Quoi qu'il en soit, des compétences acquises dans le passé seront valorisées, soit par des équivalences/reconnaitances, soit par des dispenses.

Une possibilité complémentaire sera la procédure de validation des acquis d'expérience instaurée par la loi. Une démarche individuelle qui donnera la chance à chacun de faire valoriser ses expériences et de pouvoir prétendre le cas échéant après analyse du dossier à un diplôme ou certificat.

Pour ceux qui ne répondraient pas aux critères des nouvelles compétences et formations requises pour tenir un emploi, des formations de mise à niveau (upgrade ou update) seront également proposées durant la phase transitoire.

L'équipe du Département de la formation ensemble avec les nombreux instructeurs et formateurs volontaires et professionnels mettront tout leur savoir et savoir-faire à votre disposition afin que tout volontaire qui souhaite s'engager dans les services de secours et dans le futur CGDIS trouve sa place en respectant ses compétences et ses aptitudes médicales.

*Steve MACK – Responsable du département de la formation*

## Central des Secours d'Urgence 112



Après l'intégration opérationnelle de la centrale du Service d'Incendie et d'Ambulance de la ville du Luxembourg (SIAVDL) cet été, le Central des Secours d'Urgences CSU 112 est dorénavant l'unique central opérationnel des services de secours pour le Grand-Duché de Luxembourg. Cette intégration s'inscrit dans le cadre de la réforme, tout comme la mise en place dans la forme d'une phase pilote à partir de janvier 2018 du Centre de Gestion des Opérations – CGO.

Le CSU 112 est doté d'une équipe qui se compose en permanence de minimum 4 opératrices issus de l'Administration des services de secours et du SIAVDL sous la responsabilité d'un chef de salle.

Sont traités chaque jour en moyenne 1461 appels, dont 987 appels de secours 112 découlant sur 206 interventions.



L'équipe de 61 opératrices et opérateurs est encadrée par 2 responsables eux-mêmes soutenus par le service data.els composé de 3 collaborateurs pour la gestion des données opérationnelles.

*Christopher SCHUH, Responsable du CSU 112*

## La direction de la stratégie opérationnelle : les premières orientations



La direction de la stratégie opérationnelle (DSO) trouve tout son intérêt dans le cadre du management global de la future organisation. En effet, elle doit permettre d'aider le conseil d'administration du CGDIS à définir sa vision du service d'incendie et de secours qu'il souhaite appliquer au pays et, à partir de cette vision, de donner du sens à notre action collective.

Ses principales missions

Le cœur de métier de la DSO est marqué par

deux axes stratégiques :

- l'anticipation, c'est-à-dire la capacité à planifier les risques, à organiser et à évaluer la réponse opérationnelle du CGDIS ;
- la réduction ou la capacité à réduire la survenue d'un sinistre.

Ces deux missions sont essentielles à la réussite de nos opérations de secours. Elles s'inscrivent dans le respect de trois principes visant à nous permettre :

- de répondre immédiatement et en permanence à toute demande de secours ;
- de répondre à des sinistres importants (plan NOVI, incendie d'usine, etc.) ou multiples (inondations, tempêtes, etc.), voire simultanés ;
- et de disposer, face à des événements particuliers d'une certaine durée, d'une réserve opérationnelle.

Elles ont donc vocation à faciliter la conduite des opérations qui relèvent, quant à elle, de la direction de la coordination opérationnelle.

Ces missions se concrétiseront par la réalisation :

- en matière d'anticipation :
  - o du plan national d'organisation des secours (PNOS), document structurant pour le CGDIS. En effet, c'est grâce à l'analyse des risques et des effets potentiels des menaces auxquels le pays est soumis et par les propositions de couverture en moyens de secours qu'il contient, que le conseil d'administration pourra définir le niveau de service qu'il souhaite mettre à la disposition de nos concitoyens. De cela découlera le dimensionnement des capacités opérationnelles et, in fine, le plan d'action du CGDIS, c'est-à-dire, la définition des besoins en recrutement, en formation, en achat de matériel, en construction de caserne, etc. Sa mise à jour se fera tous les 6 ans, selon le projet de loi ;
  - o de plan de secours spécifiques à des risques particuliers (risques naturels ou technologiques, manifestation d'ampleur, etc.) ou à des menaces, en relation avec les travaux menés par le HCPN ;
  - o de la doctrine opérationnelle, à travers la rédaction du règlement opérationnel ;
  - o d'exercice, de documents de retour d'expérience et de statistiques, nécessaires à l'évaluation des dispositifs et à la correction des écarts entre la réalité constatée et les objectifs à atteindre ;
- en matière de prévention :
  - o de prescriptions relatives à la prévention contre l'incendie au profit des bourgmestres et dans le cadre des demandes de permis de construire ;

- o d'avis techniques et autres conseils, notamment pour faciliter nos opérations de secours, comme par exemple, le nombre et la répartition d'hydrants, les accès, etc.


L'organisation envisagée et sa possible déclinaison dans les zones de secours et les CIS

La réflexion menée actuellement s'appuie sur la nécessité de construire une organisation proche et au service de terrain, c'est-à-dire essentiellement des CIS, des bourgmestres et de leur administration, ainsi que des industriels.

Nous pourrions envisager une organisation à trois niveaux interconnectés :

- le niveau national avec la DSO qui, en relation avec le HCPN, l'ITM, les ministères et le gouvernement, serait chargé de la définition des règles générales et du pilotage global du dispositif de planification et de prévention ;
- le niveau zonal avec des services zonaux de la planification et de la prévention serait en charge :
  - o en relation avec les CIS de la coordination de la mise en œuvre du dispositif de planification et de prévention de sa zone de secours, notamment lorsque les sujets concernent plusieurs CIS ;
  - o par subsidiarité, lorsque les CIS ne disposent pas des moyens nécessaires, de la mise en œuvre locale des actions de planification et de prévention ;
- le niveau local avec des unités locales de la planification et de la prévention mettrait en œuvre les actions locales de planification et de prévention en relation avec les administrations communales, les bourgmestres ou les industriels.

Les liaisons fonctionnelles pourraient se traduire par le schéma suivant :



DSO : direction de la stratégie opérationnelle  
 SZPP : services zonaux de la planification et de la prévention  
 ULPP : unités locales de la planification et de la prévention  
 HCPN : haut-commissariat pour la protection nationale  
 ITM : inspection du travail et des mines  
 CIS : centre d'incendie et de secours

Raymond GUIDAT  
 Responsable du Département planification et prévention



## Département médical et de la santé



Das Département médical et de la santé besteht aus vier Einheiten und ist verantwortlich für alle Fragen im medizinischen Bereich, dazu gehören administrative Tätigkeiten, praktische und operationelle Aufgaben.

Im Einzelnen:

### Relation SAMU/LAR

Der Service Relation SAMU/LAR behandelt zusammen mit den Verantwortlichen des SAMU und der LAR alle Fragen zum operationellen Ablauf, der Ausbildung, der Ausstattung und der strategischen Ausrichtung des Notarztdienstes. Zusätzlich erstellt dieser Service die Textvorschläge zu den gesetzlichen Grundlagen und soll in Zukunft die Koordination und Organisation des SAMU im CGDIS übernehmen.

### Service Médical

Der Service Médical ist verantwortlich für die Organisation und Durchführung der Eignungsuntersuchungen der freiwilligen Mitglieder. Durch die festgelegten Eignungskriterien, durchgeführten Untersuchungen und Tests soll die Gesundheit und Sicherheit der Freiwilligen bestmöglich gesichert werden. Außerdem beschäftigt sich der Service mit Fragen zur Prävention, Sicherheit, Hygiene und Dokumentation. Diese Bereiche sollen in Zukunft verstärkt

ausgebaut werden. Wie der Service Relation SAMU/LAR arbeitet der Service Médical auch an der Ausarbeitung der gesetzlichen Bestimmungen mit.

### Service Medizinische Ausstattung

Dieser Service ist hauptsächlich für die Medizintechnik zuständig. Dazu gehören die Evaluierung des aktuellen Angebots, Erstellen von Vorschlägen zur Anschaffung, der Kauf, die Einrichtung und der Unterhalt der verschiedenen medizinischen Apparate und Ausrüstungsgegenstände. Diese Aufgaben werden in Zusammenarbeit mit dem Service Pharmacie, den verschiedenen Einsatzkräften, Anbietern, wie auch der Industrie wahrgenommen.

### Service Pharmacie

Der Service Pharmacie ist zuständig für die Verwaltung der Arzneimittel und Medizinprodukte, die zur medizinischen Versorgung der Verletzten und zur Unterstützung der Einsatzkräfte benötigt werden. Dies beinhaltet, dass die medizinische Ausstattung der jeweiligen Rettungsdienste zu jeder Zeit gewährleistet ist, sowie die Bestandhaltung und Kontrolle der Arzneimittel. Außerdem steht der Service Pharmacie als Ratgeber für den sicheren Umgang mit den Medikamenten und Medizinprodukten zur Verfügung.

Zur Zeit besteht das Département médical et de la santé aus 5 Personen :

Dr. Pascal Stammel, Dr Dorothee Knaf, Claire Welter, Paul Floerchinger und Connie Kuffer





# Europäisches Projekt »EUROFFAD« zur Entwicklung von Einsatzstandards mit Hubrettungsfahrzeugen gestartet



**A**m 10. November 2017 gab es an der Nationalen Feuerweherschule Luxemburgs (ENSIS) den Startschuss für ein von der EU-Kommission im Rahmen des Programms Erasmus+ gefördertes Projekt: Vier Projekt-Partner - DREHLEITER.info, die Verwaltung der Rettungsdienste in Luxemburg, die Landesfeuerweherschule in Tirol, Österreich und die belgische "Hilfeleistungszone DG" - werden in den kommenden drei Jahren Ausbildungsmodulare für Besatzungen, Führungskräfte und Ausbilder von Hubrettungsfahrzeugen erarbeiten. Der Projektname »EUROFFAD« steht dabei sinnbildlich für "EUROpean Standards for Rescuing and FireFighting with Aerial Devices". Das Projekt "EUROFFAD" ist im Rahmen von Erasmus+ in der so genannten Leitaktion 2 eingeordnet. Die strategische Partnerschaft der vier Organisationen in dem transnationalen Projekt zielt dabei auf den Transfer, die Entwicklung und die Umsetzung von Innovation, aber auch bewährten Verfahren und ihre Übersetzung in einen europäischen Standard ab.

"Drehleitern und Hubarbeitsbühnen sind die komplexesten Rettungsgeräte der Feuerwehren in ganz Europa. Der vorrangige Einsatzzweck ist dabei überall derselbe - Menschenrettung.", betonte Nils Beneke, der Projektverantwortliche bei DREHLEITER.info, „Daher ist es nur sinnvoll, wenn es Aus-

bildungsstandards gibt, die in ganz Europa genutzt werden können."



Im Rahmen des ersten transnationalen Projektmeetings wurden unter anderem Fragen für die jeweiligen Module diskutiert, die im Rahmen des Projekts weiter betrachtet werden sollen.

- Welche Ausbildungsmethoden brauchen wir, um Einsatzkräfte auf Einsätze mit Hubrettungsfahrzeugen effizient vorzubereiten?
- Wie kann die fortschreitende Digitalisierung der Gesellschaft für die Aus- und Weiterbildung von Feuerwehreinsatzkräften sinnvoll eingesetzt werden?
- Welche Rolle spielen verschiedene Ressourcen in der Ausbildung der Besatzungen von Hubrettungsfahrzeugen?

"Die durch »EUROFFAD« entwickelten, einheitlichen Standards, sollen sich leicht in bereits vorhandene Lehrkonzepte implementieren lassen", wünscht sich Paul

Schroeder, Direktor der Verwaltung der Rettungsdienste Luxemburgs.

Gerhard Schöpf, Bereichsleiter Aus- und Weiterbildung des Landesfeuerwehrverbandes Tirol in Österreich, formulierte klare Erwartungen an die kommenden drei Jahre: "Ein kritischer und fachlicher Austausch unter Experten soll dazu dienen, Feuerwehreinheiten möglichst realistisch auf schwierige Einsätze vorzubereiten."

Der diensttuende Kommandant der »Hilfeleistungszone DG« in Belgien, Major Holger Pip, wagte einen Blick in die Zukunft nach dem Projekt »EUROFFAD«: „Einheitliche Ausbildungsstandards für Besatzungen von Hubrettungsfahrzeugen können die Tagesalarmverfügbarkeit gerade in der Drei-Länder-Region Belgien, Luxemburg, Deutschland verbessern.“

In den kommenden drei Jahren werden die Module für Ausbildung, Führung und Besatzung von den vier Projektpartnern entwickelt und auf ihre Anwendungstauglichkeit in der Praxis überprüft und in einen europäischen Standard übersetzt. Dies geschieht im Rahmen verschiedener Veranstaltungen in den beteiligten Ländern - Belgien, Deutschland, Luxemburg und Österreich.

Die Gesamtverantwortung für das Projekt »EUROFFAD« trägt DREHLEITER.info der GFBA Gesellschaft für Brandschutzausbildung mbH.